



Freux



Nodeems eis am Juni eng éischten Sortie fir dëst Joer op den Lac de La Strange gefouert hat, konnten mir och am Juli weider plangen. Schon während dem Iessen zu la Strange hatten eis Memberen gefrot op an ewéi et dann elo mat deier nei gewonnener Fräiheet géif weidergoen an esou hunn mir dunn kuerzer Hand decidéiert zu Freux bei Libramont unzufroen op mir dierften eng Sortie op hiren Site plangen. Nodeems mir gréng Luucht kritt hatten an och eisen Barbecue accordéiert war hunn mir eis dunn zu sechs an zwanzeg op den Wee gemaach fir ee flotten Dag zu Freux ze verbréngen. Heibäi sinn ëmmer zwou Saachen speziell, eisen Barbecue an dass een op dësem Weier kann mam Belly Boat fëschen, obschonns wou ass eis eisen Barbecue net wichtig an esou speziell ass een och net ewell mir wann ëmmer et méiglech ass zesummen grillen ewell dat vun der éischer Stonn aus un als gutt Gewunnecht zu eisem Club dozou gehéiert huet.





Mir haten et och fir eis zweet Sortie nawell gutt mam Wieder erwëscht, genee ewéi zu la Strange war et net ze waarm awer dreschen an am Nomëtten ass een Wieder opgezunn mee do haten eis Fëscher schonn agepaakt an sutzen just nach gemittlech bei engem Pättchen wat dunn dann och net méi esou schlëmm war. Och zu Freux haten se vun der Pandemie profitéiert fir um Site ze schaffen, esou ass direkt an d'A gestach dass op der lénker Säit een Stéck Bësch gefeelt huet wat et elo och do méiglech mécht ze fëschen.

Eis Fëscher waren gutt gelaunt an et sinn och vun Ufank aus un vill Fësch gefaangen ginn, niewent der Méiglechkeet fir mam Belly Boat ze fëschen kann een op dëser Plaz awer och een vun den Booter huelen wann een net wëll vun Land aus fëschen. Och d'Präisser fir zu Freux ze fëschen sinn ganz moderat esou hunn mir als Club 25 € op den Kap bezuelt an d'Booter konnte en fir een Zouschlag vun 10 € benotzen. Mir haten och am Viraus dës Booter reservéiert woubäi awer déi meeschten vun eisen Fëscher et vun Land aus ugaangen sinn.





De Weier zu Freux huet och säin Charme, ass Hien dach net ze vergläichen mat deenen aneren Weieren wou et eis als Club bei eisen Sortien hi féiert. Ass zu la Strange den Jambonneau d'Haaptattraktioun oder zu Sommedieue an zu Rabais dat schéint kloert Waasser, zu Socourt, Saulxures an beim Vincent zu Coyolles dass mir op deenen Plazen ëmmer puer Deeg do sinn an och um Site schlofen wat et eis erméiglecht och an aller Rou den Coup du soir ze fëschen, sou ass et zu Freux mat Sécherheet den Barbecue op deen mir eis am Virfeld dann och ëmmer besonnesch freeën. Mir konnten zwar op dëser Plaz den Site net méi fir den Club erläng reservéieren ewell mir ze kuerzfristeg ugefrot haten mee mir waren awer, ausser engem belschen Fëscher am Belly Boat, déi Eenzeg déi den Samschden do gefëscht hunn. Zu Freux steet engem een Raum zur Verfügung wou

een och bei Reen kann ënner Dach goen, mir haten et awer ewéi beschriwwen ganz gutt mam Wieder erwëscht an fir eisen Barbecue steet eng grouss Wiss virum Gebai zur Verfügung. Eisen President hat och extra säi Schwenk – Grill matbruecht fir dass mir konnten mat zwee Griller gläichzäiteg d´Leit bedéngen, mat mir mengen ech d´Grillmeeschteren, den Jeek an den Gérard, an wat soll ech soen, déi Zweek verstinn eppes vun hirem Handwerk esou dass natierlech Keen Hunger oder Dusch gelidden huet an fir den Dessert war och gesuert.



Natierlech ass während dem grillen, do huet een jo och gutt Zäit, erëm déi eng oder aner Aventure opgedëscht ginn déi mir an all deenen Joren wou mir schon zesummen fëschen ginn, erliewt hunn. Dernieft hun mir natierlech déi Leit déi besonnesch gutt gefaangen hunn missen froen mat wat se dann gefëscht hunn an hunn heibäi och déi eng oder aner éierlech Äntwert kritt, meeschtens.





Mir kucken erëm op eng gelongen Sortie zeréck, Moies sinn nawell vill an schéin Fësch gefaangen ginn während Mëttes just nach plazeweis gutt gefaangen ginn ass. Déi grouss Präsenz vun eisen Member huet eis erëm gewisen dass eisen Club nach laang net um Enn ass an dass och manner schéin Zäit déi hannert eis läit eis d 'Loscht um Zesummesinn beim Waasser net huelen konnt. Elo hoffen mir dass mir villäicht schon am Hierscht erëm eng Sortie vun ee puer Deeg plangen kënnen.